

**Madamm Buergermeeschtesch,
Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot,
Léif Membere vun der Kulturkommissioun,
Léif Famill a léif Frënn vum Luciano,
Léiwe Luciano,**

Wéi de Luciano Pagliarini mech gefrot huet, ob ech e puer Wuert wéilt soen, wann hien de Mérite culturel vun der Gemeng Déifferdeng géif kréien, huet dat mech gefreet a geéiert, well de Luciano schonns iwwer 30 Joer anengems e gudde Frënd an e Compagnon de route ass a well ech eng grouss Estime hunn fir all dat wat e gelescht huet a weider leescht. De Luciano sot mer awer och ech sollt mech kuerz faassen. Wat mech engersäits e bëssen erféiert huet. Grad well ech weess wéi vill e gelescht huet, war et fir mech kloer, datt et mat puer Wuert net gedoe wier.

Säin Opruff net ze vill Wieder iwwert hien ze verléieren huet mech anerersäits net iwwerrascht. Hien ass net de Genre vu Mënsch, dee wëll datt vill iwwert hie geschwat gëtt. Et ass och dofir net d'Privatpersoun am Sënn vun Anekdoten aus dem Luciano sengem Liewen, iwwert déi ech a menger Laudatio wäert schwätzen. Dir all, déi dir hei am Sall sidd, hutt är eege Geschicht a Geschichten, är perséinlech Relatiounen mam Luciano an a ville Fäll ass déi méi laang a méi intensiv wéi déi, déi ech mam Luciano deelen.

Mäi Bléck wéilt ech virun allem op säi Liewenswee am Zesammenhank mat sengem Wierk riichten. Well bei aller Bescheidenheet kann de Luciano net verstoppen, datt säi Wierk, ob am Beräich vun der Geschicht, vun der Industriekultur oder vun der Musek eng grouss Ausstrahlung entwéckelt huet. An dëser Laudatio wäert ech mech also, Luciano, net esou kuerz halen wéi et dir léif wier, well et esou munches ze soen gëtt iwwert dech an däi kënschtlerescht, däin historescht an däi gesellschaftlecht Schafen.

Ufänke wéilt ech mam Kontext vun deem Schafen, mat der Géigend déi de Luciano gepräägt huet. De Luciano ass en Déifferdenger Jong. Aus enger Famill, déi wéi vill aner Déifferdenger Familien aus Italien, méi präzis aus de Marche, virun 100 Joer an de Bassin minier op d'Schmelzen an an d'Minne schaffe koumen, deen ee Bop vu Sassoferrato, Provincia d'Ancona, deen aneren vu Serra Sant'Abondio, Provincia di Pesaro. Och wann, wéi de Luciano weess, administrativ Nimm vu Provënzen dacks wéineg aussoen an der Industrie- a Migratiounsgeschicht a Grenzen an där Geschicht net onbedéngt Barriäre sinn, och hei, vu dass déi zwou Uertschaften nëmmen e puer Kilometer vun eneen ewech sinn. Seng maternell Groussmamm, d'Lisa, gebuer 1908 zu Diddenuewen, war schonns virum éischte Weltkrich op Déifferdeng komm.

1914 ass Krich, a wéi déi meeschten Italiener giong et nees zeréck an d'Heemecht. Ee Mount hu se mam Zuch fir déi Rees gebrauch. An 1920 Retour op Déifferdeng. Wou se am "Ghetto" vun de Marchigiani gelieft hunn. E puer Meter vun der Schmelz ewech, am Palazzo da Balezo, benannt nom Proprietär. An der Max Meier-Strooss, haut rue Emile Mark. Kee Palazzo am

Sënn vu Palast, mee e Palazzo am Sënn vu grousem Gebai, eng iwverfëllten dräistäckeg Kasär, wou d'Famill vu senger Bom als *pensionieri*, als Sous-Locataires vun aneren italienesche Famille gelieft huet. An der hëlze Barack hannert dem Balezo ass säi Papp 1934 op d'Welt komm. Hie sollt och mat senger Famill am zweete Krich nees zeréck an Italie goen, an dono op Déifferdeng remigréieren.

An enger vu senger leschte Publikatiounen, en originellt Kachbuch iwwert de Minetter « patrimoine industrialo-culinaire », mam Titel *Gudden Appetit*, erausginn vum DKollektiv a Ferroforum ronderëm de Feinens Misch, schreift de Luciano : « Quitter le palazzo Balezo signifiait quelque part grimper dans l'échelle sociale. Mais l'ascenseur social n'allait pas vite à l'époque. Certaines habitudes d'austérité économique perdureront encore longtemps, parmi lesquelles la plupart touchaient au culinaire. Ainsi, il ne fallait surtout pas gaspiller la nourriture. À table, il ne fallait pas laisser de quignons de pain, ils pouvaient/devaient servir pour saucer ou au pire, à nourrir les petits oiseaux... »

Vum Balezo geet et d'sozial Leeder erop, fir seng Nonna an d'Uewerkuerer Kolonien, fir seng Elteren, d'Gina, Vendeuse an der Maison moderne, an den Italo, Aarbechter beim Entrepreneur Spinelli an dono Mineur um Thillebiërg, fir d'éischt an d'Charlotte-Strooss an dunn an d'Woier-Strooss, wou seng Mamm vun 1969 bis 1980 eng Epicerie-Mercerie féiert.

An déi Famill an an déi Minettswelt gött de Luciano 1957 gebuer als eelsten vun dräi Bridder, nieft him nach den Oli an den Dan, deen haut hei Akkordeon spillt. Grouss gött e matzen an der leschter Héichzäit vun der Stolindustrie. De Luciano ass voll a ganz e Mënsch aus senger Géigend an aus senger Zäit. Där Zäit, wéi ech et dacks ausdrécken, wou de Bassin minier eisen Horizont war an eis komplett markéiert huet. Eng Zäit, wéi de Luciano et ausdréckt, vun där hien deemools – an net hien eleng – geduecht huet, si géif ni ophalen.

Wéi ech de Luciano um Enn vun den 1980er Joren kennegeléiert hunn a mer ugefaangen hunn am Tageblatt Artikelen ze schreiwen iwwer Industriekultur an eis fir d'Sauvegarde vum Patrimoine industriel anzesetzen, hunn ech mech vun Ufank u mat him verbonne gefillt. Sou wéi ech mech wuel gefillt hu mat all deene Leit aus dem Minett déi mäi Liewe markéiert hunn. Wéi z. B. mäi Bop, den Hoscheids Jemp, Schlessen op Terre rouge zu Esch, wéi all déi Schmelzaarbechter déi meng Jugendtrainer am Fussball bei der Jeunesse waren an déi Ruffini, Pascucci, Battibugli an Di Genova geheescht hunn.

Bei hinnen a beim Luciano hunn ech déi Eegenschaften erëmfonnt, déi dës Géigend ganz déif bei ville Leit impriméiert huet, sou wéi de roude Buedem d'Landschaft an de Stëbs d'Stied impregnéiert huet. Dräi Eegenschaften wéilt ech hei ervirhiewen. Dat ass éischters Authentizitéit. Dat ass zweetens dat wat Franzosen Humilité nennen. Mee dat ass och drëttens déi Mëschung vun engersäits Individualismus, vun individueller Energie, vun individueller Fräiheet an anersäits dem Besoin eppes zesummen ze schafen, Projeten als Equipe ze realiséieren.

De berühmte belsche Chansonnier Jacques Brel sot 1971 : « Moi je crois qu'on ne réussit qu'une seule chose, on réussit ses rêves. » Dat huet de Luciano gemaach an dat mécht e weider. Seng Dreem realiséieren. Eleng an dacks mat Aneren zesummen.

T'ass an der Primärschoul ugaangen. Déi meeschte Bouwen hunn deemools, wéi ech, Fussball gespielt. De Luciano ass léiwer mat e puer méi ale Klassekomeroden « op de Bierg » gaangen, op Entdeckungsrees, um Bierg, do wou d'Pappen an de Galerien oder am Tagebau geschafft hunn, mee wou d'Kanner net hunn dierfen hin. Wou iwverall Défense d'entrer stoung, fir de Luciano an seng Frënn natierlech e Grond eranzegoen. Hien huet driwwer geschriwwen am Sammelband zum honnertsten Anniversaire vun der Stad Déifferdeng, 2007, op seng ganz charakteristeschen Aart a Weis, anengems präzis, wéi seng metikuléis Recherchen sinn, a mat literareschem Erzielertalent. Zum Beispill wann en d'Minièresfrichen vun der "Geeschterstad" op der Grenz tëscht Lëtzebuerg a Frankräich, an der "Schlucht" tëscht Déifferdeng, Héiseng (Hussigny) a Réiden (Rédange) beschreift:

« C'est de plus en plus Winnetou : devant nous, à côté de la voie, une vieille halte ou station de chemin de fer, dont tout le pignon est barré par un énorme écriteau de type gare, avec grosses lettres blanches sur fond bleu : ADLERGRUND (MOSELLE) REDANGE, val des aigles... c'est à peine croyable, plus peau-rouge que ça, tu meurs ! Et, tout près de là, des deux côtés de la voie, des quais de chargement, comme celui d'Obercorn-Ronnewies... un de ces quais est flanqué d'un gros panneau, fixé sur deux montants, identique à celui de la station (lettres blanches sur fond bleu) et porte comme inscription : BOUVENBERG (montagne des gamins), je pense fatalement à l'univers d'Enid Blyton... »

Aus dem Kannerspill gouf progressiv eng Chercheurspassioun, am Déngscht vun der historiescher Rekonstruktioun vun der Aarbechtswelt vun de Minnen an de Schmelzen, vun där hien anengems d'Héichzäit an den Niddergang erlieft huet. Et si Rupturen déi hien op dee Wee geleet hunn. Déi historiesch a generell Rupture vun der Stolkrise. Déi perséinlech Rupture vum Dout vu sengem Papp, 1975, mat nëmme 40 Joer. De Luciano hat der 18. Véier Fotoen vu sengem Papp op der Aarbecht an der Galerie um Thillebierg ginn zum Déclit fir no weidere Fotoen aus de Minnen bei den Aarbechtsskolleegen vum Papp ze froen an se ze reproduzéieren. Dat ass den Ufank vun engem impressionnante an eenzegaartege private visuellen Archiv zur Industriegeschicht, dat de Luciano an de leschte bal 50 Joer konstituéiert huet, net nëmme zum Minett, net nëmme zu Europa.

Rupturen an Inscriptiounen. Aschreiwung an de Minett, Inscriptioun an eng Familjegeschicht. Vum Papp, vun der Mamm, vun de Grousselteren. Besonnesch vun der Nonna Lisa Filieri-Merolli, eng « conteuse née », vun där de Luciano säin Erzielertalent geierft huet. Si steet um Ufank vun enger weiderer Dimensioun vun sengem historiesch-wëssenschaftleche Schaffen : d'Histoire orale vum Bassin minier, op den zwou Säiten vun der Grenz. D'Lisa ass eng vun den éischten Zäitzeien, déi de Luciano interviewt huet. Iwwer 20 Audiocassetten vun 1977 bis 1985 huet de Luciano mat der Nonna op italesch opgeholl. Vun 1977 un huet e mat schliisslech méi wéi 100 Zeien aus der Industrie- a Migratiounsgeschicht vum Minett Audiointerviews enregistriert. Zu weidere méi wéi 100 Interviewen huet e schrëftlech Notizen. A biografesch Fichen zu iwver zéngtausend Aarbechter an Aarbechterinnen. Den CNA huet se digitaliséiert. D'Uni Lëtzebuerg interesséiert sech haut fir si a verschafft se momentan an enger grousser digitaler Plattform zur audiovisueller Geschicht vu Lëtzebuerg an an der aktueller Ausstellung Remix iwver d'Industriegeschicht zu Belval.

Eng weider Rupture war wichteg fir dem Luciano säi Wee. Eng Rupture am schouleschen Beräich. D'Lëtzebuerger Nationalhymn ernimmt zwar de "fräie Geesch", mee an den

deemools nach extrem konservativen Institutionen wéi de Lëtzebuenger Lyceeën ware fräie Geeschter net wëllkomm. Am gréissere Kader och vun enger politescher Radikaliséierung vun engem Deel vun der Jugend zu Lëtzebuerg um Ufank vun den 1970er Joren setzt den Educatiounsministère dem Luciano senger schoulescher Karriär en abrupt Enn. Hie gëtt virun 3^{ème} carrement vum Enseignement secondaire ecartéiert.

Dank der Hëllef vu sengem Déifferdenger Frënd Paul Di Felice an dank enger akademescher franséischer Welt déi manner klengkaréiert war wéi de Lëtzebuenger Schoulbetrib, notzt de Luciano d'Méiglechkeet, déi d'Sorbonne Studenten offréiert, fir och ouni Première iwwer en Opnamexamen op d'Uni ze goen. Hie packt den Examen an hie beschreift deen Dag vu Mee 1977 nach haut als ee vun de schéinsten Deeg vun sengem Liewen. Säi Studium a Konscht an Archeologie, mat Spezialiséierung a *Cinéma et études audiovisuelles*, dorënner industriell Fotografie, iwwer déi e säi Memoire geschriwwen huet, ass engersäits den Ufank vun enger Passioun fir eng Stad, Paräis, an där en haut en Deel vum Joer lieft mat senger Fra Catherine, déi en 1978 do kennegeléiert huet an déi wéi de Luciano et ausdréckt, "all seng Lubien matgemaach huet". Hiere Bouf, Damien, gëtt 1982 zu Paräis gebuer.

(Eng Anekdote awer: De Fait dass d'Catherine zanter Joerzénkten acceptéiert mam Luciano an engem Haus zu Däitsch-Oth ze liewen, wat de Luciano transforméiert huet an eng Bibliothék, en Archiv, e Musée, mat Bicher, Dossiers, Classeurs, Zäitschrëften, Placken, CDen an all Raum, op all Träppleck, an all Eck, ënnersträicht datt dat Wuert "Lubie" den Nol op de Kapp trëfft.)

Zu Paräis huet en och ugefaange seng impressionant Kollektioun vun historiesche Postkaarten zur Industrie zesummenzestellen, Postkaarten déi een deemools nach fir 10 franséisch Frang d'Stéck konnt kafen. Dee Studium gëtt him awer virun allem déi néideg wëssenschaftlech Rigueur a Methodologie. Seng Recherchen veränneren och komplett säi Bléck op de Minett. Virdrun war säi Bléck éischer negativ. Wat ware schonns Déifferdeng an de Minett visavi vun Italien a vu Grousstied wéi Paräis ? An der Industrieaarbecht huet e virun allem de Volet Exploitatioun, Ausbeutung, an haart Aarbecht gesinn. Aarbechter als besser Sklaven, déi d'Schmelzen an d'Minnen zu Dausenden beim Schichtwiessel erausspäizen.

An der Salle de lecture vun der Bibliothék vun der Ecole des mines zu Paräis, mat hire spezialiséierte Zäitschrëften zur Metallurgie, wou e bal all Dag war, huet de Luciano gemierkt, datt de lëtzebuergesch-loutrengesche Bassin minier an seng Betriber ekonomesch an industriell sech op Weltniveau beweegt hunn. D'Déifferdenger Schmelz huet mat hiren 10 Héichiewen e Weltrekord gedeelt mat enger Schmelz zu Gary an den USA an enger vu Krupp an der Ruhr. Wat e méi Kenntnisser krut a wéi en déi dramatesch Konsequenzen vun der Stolkris fir de lëtzebuergesche a loutrengesche Bassin minier gesinn huet, ass him bewosst ginn, wéi vill déi Industrieaarbecht virdrun e Liewen an Dignitéit a relativem Wuelstand erlaabt huet. Datt déi grouss sozial Problemer ugaange sinn wou d'Kamäiner net méi gedämpft hunn.

Vu Paräis kënnt de Luciano als forméierten Konschthistoriker erëm mee och als Fotograf, deen net nëmme méi Interviewe mécht, mee de Minett fotografesch dokumentéiert, an zanter 1985 Artikelen a Bicher enchainéiert: 10 Bicher, iwwer 20 Artikelen a Buchkapitel, dobäi och nach etlech Filmmuseken zu Documentairen iwwer Industriekultur...

Seng Artikelen, seng Artikelserien a seng Bicher zur Industriegeschicht a -kultur, déi en eleng oder mat Compagnons de route wéi, fir nëmmen e puer ze nennen, dem Kreinse Bubi, dem Wagnesch Fränz, dem Heng Clemens, dem Laure Caregari, dem Denis Klein, dem Feinens Mich, mat de Militanten aus senger Associatioun *Archéologie et histoire industrielle* oder mat de Chercheuren vum *Arbeitskreis zur Sozialgeschichte der Industrialisierung im Saar-Lor-Lux-Raum* geschriwwen huet, si Standardwierker vun der Lëtzebuerger Historiographie, incontournabel. Well se nei Quellen exploitéieren, well hien zanter senger Recherchen an der Ecole des mines ëmmer nees Tresoren ausbuddelt, déi nei Interpretatiounen méiglech maachen, ob et ëm d'Déifferdenger Schmelzen a Minnen geet, ëm Industriefotografie, d'Minn Collart/Cockerill zu Esch, d'Seelerbunn, d'Geschicht vun Hussigny-Godbrange, den Eugène Mousset, de Jean-Pierre Bausch, d'kulinaresch Gewunnechten vun den Aarbechter an Immigranten, d'Camions an Dumper am Bassin minier, asw. Ouni et jee ze revendiquéieren huet hien ëmmer déi neiste wëssenschaftlechen-historesch Approchen ëmgesat : Alldagsgeschicht, Oral History, Microhistoire, transnational Geschicht.

Ëmgesat huet hien e weideren Dram, zu eiser aller Freed, wéi mer zanter laangem wëssen an haut hei am Hall O kënnen genéissen. Den Dram Museker ze ginn. Och hei ass et verbonnen mat enger Inscriptioun an kulturell Traditiounen vu senger Stad an senger Géigend. Musek gehéiert och zur Industriekultur. Mat siwe Joer giong hien an déi excellent Harmonie municipale vun Déifferdeng, ënnert der Regie vum Asca Rampini, duerno an d'Escher Museksschoul. Eng Rei Instrumenter huet hie geléiert, de Saxophon alto gouf säin Haaptinstrument. Mat 15 Joer, 1972, mécht de Luciano seng éischt Schrëtt an der eenzegaarterger Welt vun der Minetter Danzmuseksszen, am « Petit Bal du Samedi soir » op der Uewerkuerer Gare.

Hie beschreift dës Szen am *Guide historique et architectural* iwwer Esch/Uelzecht : « Après le règne incontesté de l'accordéon, du piano et de la clarinette, c'est maintenant le saxophone ténor, l'orgue et la guitare électrique qui déterminent la couleur dominante de la musique des orchestres de bal. (...) Au Luxembourg, ces musiciens ne bénéficiaient pas du statut de musicien professionnel : la plupart travaillaient à l'usine, quelques-uns à la mine. Parmi ces ouvriers-musiciens, certains avaient atteint un niveau d'exécution très élevé. En plus, ils étaient souvent poly-instrumentistes (clarinette et sax et flûte et accordéon, etc). »

T'ass den Ufank vu senger Passioun fir den Jazz. Et giong weider mat der Aventure vum Opus 73, der Bigband vum Nidderkuerer Paul Dahm. Déi déi am Laf vun senger Karriär mat him gespillt hunn kann ech hei net all opzielen, mee wann der d'Nimm héiert, mierkt der datt dat en Who is Who vun der Lëtzebuerger Jazzszen ass : am Opus 73 Musiker wéi Schadeck, Pleimelding, Waltzing, Gnad, Muller, Pavant a virun allem d'Déifferdenger Felix Civitareale, Trompett, a Francesco Castellani, Trombone, laang déi eenzeg professionell Lëtzebuerger Museker déi am Ausland gespillt hunn. Zur selwechter Zäit entdeckt de Luciano de Genie vum Saxophon alto, deen him säi weidere Wee weist : den Charlie Parker.

Als fräie Minetter huet en dono decidéiert dat ze maachen, vun deem jiddereen him ofgeroden huet. Hien huet decidéiert seng zwou Passiounen parallel ze bedriewen : Geschicht kombinéiert mat Fotografie a Musek. Heiansdo stoung dat eent am Virdergrond heiansdo dat Anert. Während der Studienzäit huet e wéineg Musek gespillt a vill gefuerscht. Dono ass de Luciano mam Catherine a mam klengen Damien aacht Joer an d'Provence wunne gaangen,

wou e bal zu 100 % Museker war, als Intermittent du spectacle: op Baler, am Variété, am Theater, a Stroossefanfaren. An ëmmer méi Jazz a fräi Avantgardemusek gemaach huet.

Dank dem franséische Jazzmuseker Jef Gilson kënt en a Kontakt an enregistréiert an den 1990er Joren CD mat der Crème vum Weltjazz: Glenn Ferris, Michel Pilz, François Méchali, André Mergenthaler, Tox Drohar, Joe McPhee, Jérôme Bourdellon, d'Bridder Charbonnier, Youssef Yancy, Donato Cocca.

Wéi de Luciano 1990 op Lëtzebuerg zeréckkoom an op Däitsch-Oth wunne goug, gouf e bekannt e. a. duerch d'Brigades d'Intervention musicale (BIM), déi am ganze Saar-Lor-Lux-Raum opgetrueden sinn. Wann de Luciano haut de Mérite culturel kritt, dann huet en dee verdéngt net nëmmen als Industriehistoriker an als Jazzmuseker. Net nëmmen duerch seng historesch a kënschtlersesch Meritten. Mee och well en eppes ganz Wichteges aus eiser Géigend virgelieft huet a virlieft, an zwar wéi een Anerer an engem esprit de partage un der Kultur participéieren deet. Eng Abberzuel gutt Museker huet hien an d'Brigaden integréiert. Si hunn e. a. d'Ouverture vum éischte Kulturjoer 1995 op Aluedung vum Claude Frisoni gemaach.

De Succès vun de BIM huet him erlaabt donieft weider Industriegeschicht ze bedreiwen. Mee de Succès an déi duebel Belaaschtung haten hire Präis. De Kierper huet 2005 stopp gesot, wou de Luciano e Schlag gemaach huet. 12 Joer ouni Musek dono, mee glécklecherweis mat der Passioun fir d'Industriegeschicht déi an där Phas zentral gouf fir de Luciano.

Dank engem anere laangjäerege Frënd a Compagnon de route, dem Fotograf Fred Bisenius, deen en 2017 mat op eng Rei Musekfestivale geschleeft huet, koom d'Passioun vun der Musek erëm. Chassez le naturel, il revient au galop...

Zu Lëtzebuerg trëtt de Luciano vun do un mam Batteur Mich Feinen a mam Bassist Jay Christnach als Total Trio op. Heiansdo verwandelt den Trio sech an eng Grupp mat aacht Museker. Wéi nennt se sech? Iron and Steel Band. Natierlech...

De Musekdram geht weider an dat op eng onerwaart a wonnerschéin Aart a Weis. Eng Mailadress an engem ale Calepin, déi vum weltbekannte New Yorker Jazzmuseker a Bassist Joe Fonda, deen de Luciano 2003 bei engem Optrëtt an der Stad kennegeléiert hat, féiert 2018 zur Aluedung op New York fir mat him opzotrieden. Zanterhier spillt de Luciano regelméisseg zu New York an der Downtown-Szen mam Fonda an aneren internationale Gréissten wéi dem Batteur Lou Grassi, dem Gitarrist Kenny Wessel an dem Flüttist Michel Edelin. Mat hirem Ensemble "The Spirit of Downtown" wäerten se och geschwënn eemol zu Déifferdeng opotrieden.

Eisen, Stol, Industrieaarbecht, Musek, dem Luciano seng Welt oder Welten. Seng Dreem déi e realiséiert huet a weiderdreift. An déi en ëmmer nees zur Freed vum Public a vun de Lieser a Lieserinnen zu Lëtzebuerg, an der Groussregioun, a Frankräich, zu New York mat ville Leit, mat eis all deelt.

Haut éiere mär ee granz Groussen ënnert den Déifferdenger, ënnert de Minetter, ënnert den Italo-Lëtzebuenger Jongen : de Luciano Pagliarini.

Léiwe Luciano, fuer weider eis mat denger Kreativitéit an dengem Wëssen, mat denger Musek an denge Geschichten ze verwinne, mee vergiess elo net, dëse Mérite culturel ze genéissen, well et ass eng Unerkennung déi s du méi wéi verdéngt hues.

Denis Scuto

Laudatio fir den Jazzmuseker, Komponist an Historiker Luciano Pagliarini

Bei der Iwwerreechung vum Mérite culturel 2021

Vun der Gemeng Déifferdeng

Hall O, Déifferdeng, 13. März 2022